N° 216
Entrée le 01.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 1ten Abrëll 2025 wéilt ech dem Premierminister eng mëndlech Fro stellen.

An de leschten Deeg gouf et eng alarmant Nouvelle iwwer eng Sécherheetspann an der US-Regierung. E Journalist vum US-Magazin "The Atlantic" gouf anscheinend versehentlech an e geheime Signal-Gruppechat vun héichrangegen US-Regierungsmembere mat agebonnen, wou sensibel militäresch Pläng diskutéiert goufen. Och d'Presidentin vun der europäescher Kommissioun Ursula von der Leyen huet wärend der Covid-19-Pandemie per Sms mat den Hiersteller vun Impfstoffer verhandelt, dës Kommunikatiounen duerno awer geläscht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi eng digital Kommunikatiounskanäl (z.B. WhatsApp, Signal, Telegram oder aner Messagerie-Servicer) ginn aktuell vun de Membere vun der Lëtzebuerger Regierung fir hir Kommunikatioun, och fir sensibel Themen, benotzt? Wéi ka séchergestallt ginn, dass dës Kommunikatiounen offiziell archivéiert ginn an net einfach wéi am Fall vum Ursula von der Leyen kënne geläscht ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten